piraten.lu

N°4107
Entrée le 18.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.05.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Sport weiderzeleeden.**

D'Homologatioun vun Trainerdiplomer ass e wesentleche Schrëtt fir auslännesch Traineren, déi an de Lëtzebuerger Sportveräiner aktiv wëlle sinn. Bis viru kuerzem konnten Traineren, déi am Ausland wunnen an net zu Lëtzebuerg gemellt sinn, hir Demande op einfachem Wee per E-Mail un den INAPS schécken. Mat der Digitaliséierung vun de Verwaltungsprozeduren gouf dëse Wee elo eleng iwwer de Portal MyGuichet.lu ëmgeleet.

Dës Ëmstellung schaaft awer konkret Hürden fir Net-Resident, déi keng Beschäftegung zu Lëtzebuerg hunn an dofir net ouni Weideres en authentifizéierten Zougang zu MyGuichet.lu kréien. Doriwwer eraus ass d'Internetsäit vum INAPS eleng op Franséisch verfügbar, an och déi entspriechend Prozedur op MyGuichet.lu gëtt et just op Franséisch, dat obwuel d'Formulaire iwwer déi üblech perséinlech Donnéeën eraus just aacht Felder ofdeckt an domat mat geréngem Opwand a méi Sproochen ze iwwersetze wier. D'Zilgrupp vun dëser Prozedur ass explizit international an betrëfft Trainer aus dem ganzen europäeschen a souguer drëttstaatleche Raum, woubäi dës Situatioun riskéiert, qualifizéiert Trainer dovun ofzehalen, sech zu Lëtzebuerg homologéieren ze loossen, an domat de Sportsbetrib an eise Veräiner ze schwächen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi kënnen Trainer, déi net zu Lëtzebuerg wunnen an och keng Beschäftegung zu Lëtzebuerg hunn, konkret en Zougang zur Homologatiounsprozedur op MyGuichet.lu kréien?
2. Aus wéi engem Grond gouf den eelere Wee vun der Demande per E-Mail un den INAPS net parallel zur digitaler Prozedur bäibehalen, fir Net-Residenten eng zougänglech Alternativ ze garantéieren?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

3. Wéi vill Demandë fir d'Homologatioun vun Trainerdiplomer goufen an de leschten dräi Joer agereecht, opgedeelt no Resident an Net-Resident, a wéi vill dovun konnten erfollegräich ofgeschloss ginn?

4. Huet d'Madamm Minister Erkenntnisser doriwwer, wéi vill Demandë zanter der Ëmstellung op MyGuichet.lu net oder eréischt mat substantieller Verspéidung traitéiert konnte ginn, well d'Demandeure Schwieregkeete beim Zougang zur Prozedur haten?

5. Firwat ass d'Prozedur op MyGuichet.lu eleng op Franséisch verfügbar, obwuel se sech un en internationaalt Public riicht a just aacht spezifesch Felder iwwer déi normal perséinlech Donnéeën eraus ëmfaasst?

6. Firwat gëtt et och d'Internetsäit vum INAPS eleng op Franséisch, an plangt d'Regierung hei eng méisproocheg Versioun, op d'mannst op Däitsch an Englesch?

7. Plangt d'Regierung d'Prozedur op MyGuichet.lu op d'mannst op Däitsch an Englesch — souwäit méiglech och op Lëtzebuergesch — zur Verfügung ze stellen, an, wann jo, a wéi engem Zäitkader?

8. Wéi gedenkt d'Regierung am Allgemengen ze garantéieren, dass Verwaltungsprozeduren, déi sech explizit un Net-Residenten riichten, och no der Digitaliséierung niddreschwelleg zougänglech bleiwen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés